LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:39, 04/03/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 3 mars 2021

**Réf. :** 837x0146a

**Concerne**: Question parlementaire urgente n°3726 du 1er mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n°3726 du 1er mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Vaccination des personnes vivant dans un logement encadré".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n°3726 du 1er mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Vaccination des personnes vivant dans un logement encadré".**

*1.Wéi ass et méiglech, datt eng Zouso vum Gesondheetsministär, bei där et ëmd'Liewe vu besonnesch vulnerable Mënsche geet, sou kuerzfristeg zréckgeholl gouf?*

D'Résident'en aus de Logements encadrés déi mam Familljeministère konventionéiert sinn, sinn éligibel fir vun den Equipes mobiles geimpft ze ginn. Deene verschiddene Chargés de direction vun den 12 Strukturen sinn déi dementspriechend Informatiounen betreffend der Organisatioun vun den Équipes mobiles matgedeelt ginn.

Et ass décidéiert ginn, datt et de Chargés de direction iwwerlooss ass, ob sie léiwer fir d'Impfen vun hiren Résident'en duerch d'Équipes mobiles optéieren oder hir Résident'en léiwer an engem Impfzenter impfe loossen, wëssend datt eng mixt Solutioun och méiglech ass

*2.Firwat musse sech eeler Mënschen, déi zum Deel net iwwer technesch Fäegkeeteverfügen, iwwer een Zougankscode um Site vum Gesondheetsministär umellen, fireen Impfrendezvous ze kréien? Kéint een dëse Leit, déi zum Deel kee Mënsch hunn,deen hinne bei dëser Prozedur hëllefe kéint, net dës technesch Problemererspueren?*

Déi eeler Leit déi vun den Équipes mobiles an den Alters- a Fleegeheemer geimpft ginn, brauche kee Rendezvous ze huelen. D'Direktioun vum Haus stellt eng Lëscht op vun de Leit déi sech wëllen impfe loossen.

Déi Leit déi sech an engem Impfzenter impfe loossen, kënnen online e Rendezvous huelen oder ee froen fir hinnen den Rendezvous ze huelen. Sie kënnen awer och op d'Helpline vun der Santé ënnert der Nummer +352 247-65533 vu Méindes bis Sonndes vun 8.00 – 19.00 Auer uruffen fir e Rendezvous ze fixéieren.

*3.Ginn et Iwwerleeungen, fir an Zukunft Leit, déi keng Famill hunn, déi mat hinnen anden Impfzenter fiert, sur place an hirem Logement encadré impfen ze loossen?*

An de Logements encadrés déi mam Familljeministère konventionéiert sinn, kënnen d'Leit sech vun den Équipes mobiles impfe loossen.

Déi eeler Leit kënne sech och vun enger Vertauenspersoun an den Impfzenter begleede loossen. Sie kënnen awer och op de Service vum Adapto zeréckgräifen oder hire Prestataire aus dem Réseau de soins froen, fir sie am Kader vun enger Course-sortie an den Impfzenter ze bréngen.